

Léif Keelefrenn,

.....et ass den 15.Mee. 2020

Et ass en besonneschen Dag, well elo wieren och eis Championnater an all eisen Disciplinen National, Classic a Sport offiziell fäerdeg a mir wéissten an all Divisioun, wien eppes ze feieren hätt. Dëst Joer sollt awer alles aneschtens sinn.

Eis Pisten sinn awer nach alleguer zou, an keen vun eis kann eng Klatz geheien. Mir hoffen natierlech, dass daat sech an der drëtter oder och an enger spéiderer Phase vum Deconfinement änneren wäert.

Mir sinn eng vun den Federatiounen, déi e Plan de déconfinement eraginn huet, well mir alles wëllen drun setzen, dass mir e Championnat spillen kennen. Mir hunn eis schonns eng Rei Saachen iwuerluecht an awer waarden mir op den Feedback vum Ministère an och op nei Instruktiounen vun der Regierung. Esoubal mir méi wëssen an mir den Plang ëmsetzen kennen, wäerten mir de Veräiner déi néideg Mesuren virstellen. Mir bidden Iech elo schonns mat eis ze kooperéieren, well esou wéi dir elo alleguerten solidaresch waart an dem "Bleift doheim", mussen mir eis elo och solidaresch weisen an di nei Reegelen, déi opgesat ginn respektéieren.

Entschëllegt eis, wann mir bis elo nach näischt en Détail präsentéieren konnten, mee daat ass an dëser Situatioun net méiglech. Mir sinn awer prett alles ze maachen, dass dir soubaal di Méiglechkeet besteet, kennt eisen flotten Hobby ausüben. Mir hoffen Iech geschwënn den Kader kennen ze präsentéieren andeem dir erëm dierft Klatzen geheien.

Hutt nach e bëssen Gedold an mir hoffen, dass dir nach alleguerten voller Virfreed sidd, fir déi éischt Klatzen no villen Méint erëm kennen ze geheien.

Mir soen Iech awer och villmools Merci fir Äert Versteesdemech an dëser Zäit an dass dir eis Entscheidungen bis elo matgedroen hutt. Dëst bedeit eis immens vill, well mir schaffen fir Iech an fir eisen Keelesport an dëst maachen mir weiderhin mat vill Engagement.

Mir wënschen Iech weiderhin alles Guddes an dass dir alleguerten gesond bleift.

Di Verantwortlech vun der TKN an der TKS  
mat der Ennerstëtzung vun deenen aaneren Memberen aus dem  
Verwaltungsrot